

déi *K*onservativ

GEMENGEWAHLMANIFEST 2017



déi *K*onservativ



GEMENGEWAHLMANIFEST 2017

Präambel

Léif Bierger,

Vereent an der Partei déi Konservativ, triede mir als mëndeg Lëtzebuenger, mat Integritéit, mat Iwwerzeegung, mat verankerter Philosophie, a mat vill Léift an eisen Hierzer, an de politeschen Déngscht fir Iech als ons Bierger, a fir ons Heemechtsgemengen!

Mat eisem Wahlkampfmanifest fir d'Gemengewahlen, weise mir Iech, firwat sech d'Partei op kommunalpoliteschem Plang staark mécht. Mir hu kloer Iddien, kloer Ziler a kloer Programm fir d'Zukunft am Bléck. D'Konservativ Partei weist sech als jéngste Partei zu Lëtzebuerg, kämpferesch, houfreg a glécklech!

Als Partei si mir eng evolutionär Chance fir d'Gemeng! A mir sinn de gelongene Revival fir de lëtzebuergesche Konservativismus! Mat eisem reformkorrektive Geescht an eisem politesche Mutt, steet a kämpft d'Partei, fir eng erfollegräich Evolutioun fir d'Gemeng!

Joe Thein

Nationalpresident, déi Konservativ

Péitenger Gemengeconseilljee

Wunnengsmaart, Gemengegestaltung a Liewensqualität

- ✚ D'Erschwénglechkeet vum Eegenheem, sozial Loyeren a präiswäert Verhältnisser um Wunnengsmaart, sinn Haptuleiessen am nationale Problem vun der Wunnengsmaartpolitik. Iewescht Zil vu Politik, Staat a Gemengen ass et, en agreabelt Liewensëmfeld ze schafen, wou all sozial Klass d'Chance huet, op en Dach iwwert dem Kapp, op gerecht Verhältnisser an op Liewensqualität. Heifir muss de Staat garantéieren, datt d'**Eigentumsrecht** an de **Schutz vun der Propriétéit** vu Jiddferengem, gesécheret bleift, a fir Jidderee fairen Accès a professionell Rotschléi punkto Hëllefen oder Subsidien vu Staat a Gemengen, Bankgarantien, Acquisitioune vun Terrain'en, steierleche Virdeeler, oder transparenter Informatioun an der Wunnengsmaartpolitik besteet.
- ✚ Déi Konservativ triede fir **d'Schafung vu sozialem Wunnengsbau** an der Gemengepolitik an. Dëst Genre Wunnen, ënnert der Gerance vu Gemeng an Office Social, ass eng intressant Optioun an Alternativ fir sozial-schwaach Bierger, oder Bierger a sozialer Nout. Fir datt kee Ghettoiséierungsphänomen an der Gemeng entsteet, wou d'logesch Konsequenze sozial Ausgrenzung a Parallelliewen ass, gëlt et, dës Zort Wunnengsbau an d'Integralitéit vun de Wunnuertschaften an der Gemeng z'integréieren, an domat gläichzäiteg, d'sozial Kohäsion vun der Awunnerschaft ze stäerken. Och muss d'Virkaftsrecht op dëse Sozialwunnéngen existent sinn, wat heescht, datt Jiddfer Locataire, éierwann, Proprietär ka ginn. D'Recetten aus der sozialer Wunnengsmaartpolitik, gehéieren entspriechend vollwäerteg, an e Gemengesozialfong als Instrument fir weideren Invest an de soziale Wunnengsmaart.
- ✚ Well besonnesch d'Studenten, jonk Koppelen a Singelen, gäre mat eegene Féiss am Liewe stoe wëllen, mä wuel mat de schwierigste Start an d'eegent Liewen hunn, soll de Fokus op hir **Ënnerstëtzung bei Sich a Kaf vun Eegenheem** konzentréiert ginn, an d'Gemeng, eng Ulaftell fir hir Bierger sinn. Mat SNHBM-Initiativen wéi "*habitation à bon marché*" mam Modell vum "*bail emphytéotique*", oder anerwäerts, d'Acquisitioun per "*portage foncier*", soll der Jugend, Optiounen gi ginn. Dës Méiglechkeet bitt jonke Leit d'Chance op d'Pachte vun Immobilien op 99 Joer, déi à long terme, duerch Kaf Eegebesëtz kënnen ginn, oder anerwäerts, d'anticipéiert Acquisitioun vun engem Terrain viru Bau a Réaliséierung. Et soll weiderhin um classesche Modell vun den Een- oder Méifamilljenhaiser festgehale ginn, an d'Entstéierung vun zevill Résidences uëchter d'Gemeng évitéiert ginn.

- ✎ D'Gemeng setzt, a Kooperatioun mam Staat, de Kader fir d'Wunnen, dee sech a sengem Fong, op d'Bauterreglement, de PAG (*Plan d'Aménagement Général*) an d'PAP'en (*Plans d'Aménagement Particuliers*) beriff. Eng Wichtegkeet spillt heibäi **d'Gemengekontroll iwwert Wuesstemsmodell a Wuesstemspotenz**, wou d'Gemeng hir Entwécklung a seriéiser Planifikatioun geméis Kapassitéiten, Ressourcen, Moyen'en, a Plaz leet, an och d'Facteure Mortalitéit, Natalitéit, Migratiounssaldo, Environnement an Trafic fir d'Analys consideréiert.

- ✎ Méi Bebauung, heescht och méi Populatiounswuesstem, an domat och nees méi Liewe fir d'Gemeng. Well de Populatiounswuesstem zu Verännerunge vun Demografie a Bevëlkerungsgeografie féiert, ass eng **Brems am Populatiounswuesstem** fir d'Gemeng noutwenneg. Déi Konservativ si géint eng lwwerbebevëlkerungspolitik, a leenen all kommunalpolitesche Bäitrag, zum déklaréiertem Zil vum Milliounen-Awunnerstaat of. D'Gemeng huet d'Responsabilitéit fir d'Liewensqualitéit an d'gesond Entwécklung vun der Gemeng, an domat d'Aufgab, fir all kultureller, sozialer an ekologescher Dekadenz entgéint ze wierken.

- ✎ Fir d'Gemengepolitik ass och **d'Image vun der Gemeng** essentiell. Den Duerfcharme a Charakter vun eise Gemengen muss erhalen a gewort ginn, fir datt d'Gemengeliwe vu Wäert a Qualitéit bleift. An dësem Kader, muss d'Planifikatioun vun der Gemeng och an der Gesamtheit vun Aal a Nei geschaf a gestalt ginn, sou datt d'Gemeng d'Verantwortung huet, dat alles getrei de selwechte Normen ass an d'Quartiersstruktur an Harmonie gedeit. De Schutz vun historiesch exquisite Gebailechkeeten resp. den Denkmalschutz, ass heibäi, politesch Prioritéit. Ma och d'ierdesch Preservatioun, den Erhalt vu Gréngzonen, d'Protectioun vu Flora a Fauna, d'Propretéit vun eise Flëss, d'allgemeng Récksiicht op d'Biodiversitéit, muss alles Deel vun der ekologescher Agenda sinn. Mir sinn allerdéngs géint alles, wat an d'ecologescht Extreemt geet.

- ✎ En anere wichtege Kritär ass **d'ideal Vernetzungsplanifikatioun** vun de Stroosse, Quartieren an den Uertschaften, fir datt notamment, d'Baulücken an d'eidel Wunnengen, déi verluerenen Espace an der Gemenglandschaft representéieren, oder fir d'Zerstéckelung vu Quartieren verantwortlech sinn, beschtméiglechst verschwannen. Duerch d'Vermëttlung vu Proprietären am Besëtz vu sou Parzellen, Grondstécker oder eidelen Infrastrukturen un

d'Agence Immobilière sociale, soll de Bierger engersäits, an d'Agence anerersäits, kafmännesch Opportunitéite fir sech entdecken.

- ✚ Net just an Eegeregie, mä och **d'Zesummenaarbecht tëscht Gemeng a Privatpromoteuren**, fir d'Realiséierung vun der Gemengegestaltung ass vun Noutwennegkeet. Hei sollen d'Gemeng awer kloer waachen, datt d'Ëmsetzung vu Projeten am Respekt zu de verhandelte Budgeten an d'Délaien geschitt, an d'Gemeng sech op hir Partner an Accorden verlosse kann. Fir schlecht geleschten, ëffentlech Aarbechten a Projeten, müssen déi verantwortlech Betreiber, och konsequent am Numm vun der Gemeng zur Rechenschaft gezu ginn.
- ✚ Et soll dofir Rechnung gedroe ginn, datt och **d'Planungsphilosophie "shared space"** gekoppelt un d'douce Mobilitéit gefërdert gëtt. Et muss allerdéngs sécher gestallt ginn, datt d'Gemeng nach rullt, an net allgéigewäerteg 30er Zone ass an zum Staupunkt vum Verkéierswiese gëtt.
- ✚ Och ass **d'Realiséierung vu genuch Parkraum** an der Gemeng, an d'Recht op eng Parkplaz virun der eegener Dier, fir d'Gemeng e kloren Optrag an eng kloer Missioun. Och d'futtis Stroossenetz gëllt et regelméisseg ze kontrolléieren an ze sanéieren.
- ✚ D'Gemeng soll an hirer Gemengepolitik dofir Suerg droen, datt déi planifikativ **Lokalisatioun vun Tankstellen** ausserhalb vum Duerfkär, an duerch d'Notze vu Baulandreserven a Baulücken entspreichend positiv ëmgesat gëtt.

Soziale Plang, Nächsteléift a Solidargemeinschaft

- ✚ De **Gemengebudget ass éischt Prioritéit**. Déi Konservativ setze sech fir gesond Gemeengefinanzen an. Fir dëst Zil, muss déi ganz Gemengepolitik ëm't de Gemengebudget dréien, an dofir muss um Enn e positive Budget stoen. D'Politik steet an der Verantwortung fir an deene Gemengen, wou d'Gemengeschild an d'Pro-Kapp-Verschëldung héich ass, alles fir eng gesond Finanzlag ze maachen. Eng Gemeng soll hire Budget vun der "Cours des Comptes" iwuerpräiwe loossen. Nëmme eng Gemeng mat Suen, kann d'Existenz an d'Liewensgrondlag positiv gestalten!
- ✚ Ee genee sou wichtege soziale Prinzip, weist sech am **Grondrecht op gesond Waasser**. Nieft engem gerechten a sozial-gestaffelte Waasserpräis, fuerdere mir d'Afféierung vun engem eenheetlech-gratis Waassersockel, gekoppelt u

Kapp a pro Joer. De Respekt vun de Waasserqualitéitsnormen an de korrekten Traitement fir d'Ofwaasser ass fir d'Gemeng ekologesch Aufgab.

✚ Als Partei triede mir fir **sozial Initiativen a Stëftungen** an, gären och a Koopératioun mat Hëllefswierker an Asbl'en, déi sech dësem Zil verschreiwen. Mir si fir Sozialbutteken fir d'Liewen um Minimum, fir sozial Vollekkichen, déi Bedierfegen waarm Molzegten offréiert, fir Noutënnerkënfte wou gehëtzen Openthalt a Schlofméiglechkeete gewäert ginn, souwéi fir d'Verdeelung vu gesammelte Volleksspenden je no Besoin. Alles an allem, ass d'Resozialiséierung vun dëse Mënschen an d'Gesellschaft ganz wichteg an do ziele mir och, op d'Sozialbüroen.

✚ Déi Konservativ wëssen, datt Taxen eng Haptquell fir d'Gemeng ass. Trotzdem steet d'Partei **fir e neit, raisonnabelt Taxeverständnes** mat niddregen Taxen, géint Taxenerhéijungen, a géint d'Schafung vun ëmmer nees neien Taxen. Mir si fir e eng sozial Taxepolitik, wou d'éischt Investor an Etuden an iwwerdeiert Projeten déi zu Buch schloen, an d'Aa gefaasst ginn, éier de Portmonni vum Steierzueler geplëmmt gëtt. Mir si fir d'Ofschafung vun der Hondsteier, géint d'Aféierung vun enger Reewaassertaxe, a fir Neiverhandlungen fir méi sozial Poubellestaxen. Mir sinn och prinzipiell géint d'Erhéijung vun der Gewerbesteier (*impôt commercial*)- a Grondsteier (*impôt foncier*), fir datt den Zeitungskiosk, de Bäcker, de Café, an de Kamellebuttek, mä awer och d'Privatleit, eng Chance op eng Liewensgrundlag hunn.

Identitéitspolitik, Patriotismus a Lëtzebuerger Kultur

✚ D'Partei steet fir d'**Verlëtzebuergesche vun de Gemengen**. Mat dëser Forderung envisagéiere mir d'Lëtzebuerger Sprooch op all gemengepoliteschem Niveau ze fërderen. Sou gesi mir d'Ëmdeefe vu franséische Nimm an d'Lëtzebuergesch, als eng politesch Démarche, déi zum Beispill fir Stroossen, Uertschaftsschëlter a Gebai-Inschrëften a Kraaft triede muss.

✚ Als eis Nationalsprooch, muss **d'Lëtzebuerger Sprooch och d'kommunal Sprooch** an de Gemenge sinn (*souwuel an administrativer a verbaler Form*), fir datt eis Sprooch nees méi am Gesellschaftsliewe präsent ass! Dofir sti mir dofir an, datt d'Gemengerotssätzungen, d'Kommissiounen, d'Gemengepublikatiounen, d'Gemengenévénementer, d'Internetsäit an all aner wichteg Informatioun, d'office a prioritär op Lëtzebuergesch ass. Dëst schléisst kengeswees den zousätzleche Gebrauch vun eisen offiziellen, administrative Sproochen aus. Och muss d'Gemeng an Zesummenaarbecht a

Matgestalte vu Syndicaten a Schoulen, gratis Lëtzebuergeschcoursen ubidden. Mir fuerderen iwwerdeems nieft de Gemengen, och d'Schoulen, an all d'Institutionen op, fir op den aktive Gebrauch vun der Lëtzebuenger Sprooch ze setzen, an all Efforten ze maachen, datt d'Sprooch hir Plaz am Gesellschaftsliewen huet.

✚ **D'Lëtzebuenger Nationalitéit um Buergermeeschterstull** (a fir de Schäfferotsgremium) ass eng Konditioun. Esou bleift d'Gemengesouveränitéit a Lëtzebuenger Hand. Mat der Ouverture vum aktiven a passiven Ausländerwahlrecht bei de Gemengewahlen, ass d'Participatioun vun auslännesche Communautéiten um Gemengeplang längst Realitéit – si duerfen haut Gemengeconseilljee sinn.


✚ **D'Gemengepersonal, gekoppelt un d'Lëtzebuenger Sprooch**, onofhängeg vu Parteikaart a politescher Philosophie. D'Favoriséierung vu Bierger aus der Gemeng muss versprach sinn. D'Kompetenzen muss dem gesichte Profil entsprechen. Esou mussen d'Kritäre fir d'Astellung sinn.


✚ Déi Konservativ militéiere fir e **Lëtzebuergesch Schoulfach an de Grondschoulen** a Lycéeën - vollwäerteg, professionell an an Equivalenz zu deenen aneren enseignéierten, administrative Sproochen. Hei soll de Kanner, linguistesche Wëssensverméttelung mat op de Wee gi ginn. Si sollen d'Sprooch mëndlech-kommunikativ notzen, schrëftlech-grammatikalesch léieren, an a geschichtlech Kontext kenneléieren, wou och d'Nationalhymn a Lëtzebuenger Vollekslied mat um Programm sinn. Esou léiert eise Nowuess an eis Kanner, e gesond Nationalbewosstsënn.


✚ Als Partei engagéiere mir eis och fir d'Schafung vun engem **Integratiounsbeoptragten fir d'Gemeng**, dee ganz am Interessi, an ënnert der Leedung vum Schäfferot, als Instanz fir d'Integratioun vun auslännesche Communautéiten an d'Gemengeliewe fungéiert.

✚ Déi Konservativ sti fir de Respekt an d'korrekt Ëmsetzung vun der Flüchtlingspolitik getrei Flüchtlingskonventioun vun 1951, déi alle Konventiounsflüchtlingen mat unerkanntem Flüchtlingsstatut d'Chance an d'Recht op zäitbedéngten, internationale Schutz gëtt. Et soll **demokratesch Gemengenautonomie punkto Flüchtlingspolitik** iwwert Präsenz oder Net-


Präsenz op Gemengebitt sinn. D'Decisioun vun de Gemengen ass ze respektéieren. Ass d'Decisioun positiv, ass Gemengeverantwortung, souwéi mënschewierdegt Logement an Encadrement, mat finanzieller Hëllef vum Staat, ze garantéieren. Fir all aner, legal Zouwanderung (*also keng Asylgrondlag*) gëllt de Wee vum Integratiounsplang mat encadréierten Integratiounsdémarchen.

 **International Entwécklungshëllef ass keng Kommunalpolitik**, mä nationalpolitesch Aufgab a gehéiert domat, an der Regel, net op den Ordre du Jour vun engem Gemengerot. Dës Sue vun de Steierzueler aus der Gemeng, gehéieren och dowéinst an d'Kees vun der Gemeng.

 Et zielt och zur Aufgab vun enger Gemeng, **e Kulturprogramm an d'Liewen** ze ruffen an zesumme mat der Integratiouns- a Kulturkommissioun, entsprechend Fördermoossnahmen an d'Weeër ze leeden. Heibäi steet d'Eenzegartegkeet vun der Gemeng am Mëttelpunkt. Wéi weist sech d'Léift fir eis Heemechtsgemenge besser, ewéi duerch Pub fir lokal a regional Produiten, kulturell Vermaartung, d'Beliewung vum Tourismus, aktiv Ënnerstëtzung fir d'Veräiner an hir Evenementer, an d'Vermëttlung vun der lokaler Geschicht?

 Déi Konservativ sti fir eng **nei Relatioun vu Kierch a Staat**, dat heescht, fir d'finanziell Trennung, mä fir d'Erhale vun eiser kulturhistorescher a reliéis chrëschtlech-kathoulescher Traditioun. An dem Sënn, steet d'Partei fir de classeschen Aspekt a kulturelle Patrimoine vun eise Kierchen. D'Partei stellt sech géint d'Expropriatioun vun de Kierche, déi fir eis, am Besëtz vun de Kierchefabricken an de Gemenge bleiwe mussen. D'Partei gewäert iwwerdeems, all Relioun hir Reliounsfräiheet, esoulaang sech alles am gesetzes- a verfassungstreie, lëtzebuergesche Kader beweegt.

Sécherheet, Kampf géint Kriminalitéit, friddlech Gemengen

 D'Sécherheet an der Gemeng muss, an alleréischter Linn, duerch e **Policeplang fir d'Gemeng** garantéiert sinn. Hei ass efficace Kooperéiere vu Gemeng a Police eng wichteg Saach. Déi Konservativ sti fir eng gestärkte Policepräsenz an der Gemeng, wou d'Gemengen-, an d' Policereglementer respektéiert ginn. Do donieft, muss d'Gemeng och op Proximitéitskommissariater ziele kënnen, déi 24 op 24 a 7 op 7 fir d'Bierger do sinn.

- ✎ Weideren zousätzleche Garant fir d'Sécherheet, ass d'**Roll vum Gemengenagent**. Si huele aner, awer genee sou wichteg Aufgabe fir d'Sécherheet um lokale Plang an der Gemeng wouer, déi gläichzäiteg eis Police entlaaschten. Déi Konservativ sinn d'accord, fir eng verbessert a re-definéiert Formatioun an Agenda vun de Pecherten (*Genre "Uerdnungsamt"*), mä géint eng elaboréiert, judiciairer Kompetenzerweiderung a Richtung vun enger "zweeter Police". Mir si fir d'Afféierung vun engem adaptéierten Transportvehikel fir hire Service.

- ✎ Och d'**Mathëllef vu Streetworkeren** géint Klengkriminalitéit a sozial Konflikter ass wichteg. D'Streetworkeren, rekrutéiert aus pädagogesche Beruffer, sinn hei net just eng eng professionell geschoulte Kontaktpersoun fir déi Jonk, mä och eng aktiv Jugendhëllef um Terrain fir d'Resozialiséierung oder d'Präventioun.

- ✎ Och **fräiwëlleg Biergerpatrullen**, déi geméis enger Formatioun fir hir Aktivitéit e Fräiwëllegegeld verdéngen, kann eng Iddi fir méi Sécherheet sinn. Heibäi limitéiert sech d'Aktivitéit allerdéngs reng op "Patrull", wat heescht, datt Spadséiergäng duerch d'Wunnquartieren, bei der Gare, bei Schoulen, a bei Evenementer gemaach ginn, fir entspriechend visuell Meldung un d'Police ze maachen.

- ✎ Fir d'Sécherheet am öffentlechen Transport, sollt och iwwert **eng staark Präsenz vu Kontrolleren** a Bus an Zuch, souwéi iwwert hir sécherheetspolitesch Aufgab a Schoulung, nogeduecht ginn.

- ✎ Et soll iwwerdeems och, am Kader vum Schengenofkommes, a gären an Zesummenaarbecht mat der Auslandspolizei, fir Gemengen op Grenzgebitt, fir **aktiv Grenzkontroll a Grenzschutz** gesuergt ginn.

- ✎ Mir sinn d'accord fir **supplémentäert Sécherheetsmëttel** fir d'Iwwerwaachung vu wichtege Plazen a Gebailechkeeten oder Kriminalitéitsschwéierpunkten a Consideratioun ze zéien, sou z.B eng optimiséiert Beliichtung, Alarmanlagen a Kameraen. Wat d'Kameraen ugeet, allerdéngs am Respekt zum Dateschutz an der Privatsphär vun de Leit, sou datt dese Moyen just als potentiell Informatiounsressource fir d'Poursuite vu Kriminalitéit déngt, a verwäert sollt ginn, an och keen ultimativen Ersatz fir all aner sécherheetspolitesch Propose sinn. Och d'Pompjeeën an

d'Rettungsdéngschter, déi am éierenamtlechen Déngscht vir d'Bierger stinn, müssen an de Gemengen, hir fest Plaz a politesch Ënnerstëtzung hunn.

Demokratie, Transparenz, Fräiheitsverständnis

- ✚ Déi Konservativ setze sech fir **méi Basisdemokratie per Gemengereferendum** um Gemengeniveau an. Nieft dem Gemengerot an de Gemengekommissiounen, sollen d'Leit méi Matsproocherecht bei wichtege politeschen Entscheedungen hunn, fir d'Matgestaltung vun der Gemeng. Och schrëftlechen oder elektronesche Petitiounen a Protestmanifestatiounen, muss d'Gemengepolitik Intérêt schenken.
- ✚ Fir d'Transparenz an **d'modern Gestaltung vun der Informatiounspolitik** um Bierger, sollen d'Gemengerotssëtzungen nieft engem Gemengenanalyteschen, och a Form vun Audio a Video registréiert an online gestallt ginn. Hei ass d'Iddi vum Livestream op Internet, oder um Fernsehkanal vun der Gemeng eng interessant Méiglechkeet. Alles wat interessant Flyerinformatioun ass, soll och iwwert d'Opriichte vun Informatiounsseilen op Knackpunkten an der Gemeng realiséiert ginn.
- ✚ All gewielte Partei, soll an alle legalen a consultative **Gemengekommissiounen gerecht vertrauede** sinn. Et ass fir d'Gemengendemokratie wichtig, datt all Partei am Gemengerot déi selwecht Informatioun an dat selwecht Matsproocherecht huet.
- ✚ **D'politescht Akommes vun de gewielte Politiker** duerch d'Gemengefinanzen, souwéi d'Jetonen fir d'Präsenz an delegéierte Gremien, Kommissiounen oder dem Gemengerot vun de gewielte Gemengenconseilljeeën, Schaffen a Buergermeeschter müssen oppen an transparent consultéierbar sinn, fir datt politescht Vertrauen garantéiert ass.
- ✚ Déi Konservativ sti fir **d'Autonomie vun de Gemengen** vis-à-vis vum Staat. Gläichzäiteg, muss d'Gemeng d'Fräiheete vun de Mënsche woren a respektéieren. Et gëlt de Subsidiaritätsprinzip.
- ✚ Well mir **géint d'Zwouklassegesellschaft punkto Fëmmgesetz** sinn, fuerdere mir datt Gemengeninfrastrukturen duerch d'Erweiderung vun Fëmmespacen equipéiert ginn an d'Zesummeliewen am Respekt vun de Fräiheeten an

Decisioune vu Jidderengem garantéiert bleiwen an d'Diskriminéierung vum perséinleche Liewensstil duerch Diktater vum Staat, oder der Gemeng, ausgeschloss ass.

Mobilitéit, Moderniséierung, Alternativen

- ✚ Déi Konservativ setzen sech fir e **Mobilitéitskonzept vu lokaler a nationaler Mobilitéitsfreed** an, wou nieft dem Auto als klassesch Mobilitéitsform, och den ëffentlechen Transport an d'Vëloskultur zielen. Nieft Auto, Bus, Zuch, Vëlo an ekologesch-alternativem Transport, gëllt et d'Mobilitéitszukunft ze gestalten, déi dem 21. Jorhonnert a senger Entwécklung gerecht gëtt. Esou zielen, apart vun eise nationale Fuerderungen vum Ausbau op d'Méispueregkeet vun eisen Autobunnen an d'Stoppe vum Tram, um Gemengeplang folgend Iddien: d'Réaliséierung vum gratis ëffentlechen Transport, souwéi eng besser Koordinéierung vun der Mobilitéit säitens de Gemengen mam Staat an de Syndicaten. Iwwerdeems müssen och all ekologesch Mobilitéitskonzepter op fräiwëlleger Basis an ouni staatlech Bevirmondung gëllen.
- ✚ D'Gemenge sollten, wéi an der Stad Lëtzebuerg, hir **Bushaisecher mat elektronesch Schalttafele** moderniséieren an équipéieren, wou d'Horairen an d'Fuerpläng ëmmer "up-to-date" sinn.

Familljen, eis Kanner, Schoulwiesen

- ✚ Parallel zur honorabeler Erzéiung vun eisen Elteren, ass d'Gemeng obligéiert, de Lien tëscht Elterehaus a Schoul ze maachen. Dëst geschitt iwwert d'Gemengebetreiung vun de Kanner an de Crèchen, Maisons Relais'en a Précocén. Déi Konservativ sti fir de Choix vun den Elteren wou si hir Kannererzéiung wënschen, an Ophutt vu Staat oder Gemeng, a Privatcrèchen, bei Dagesmammen, oder no preferiertem Ideal, am klasseschen an traditionelle Modell vum Elterehaus doheem. Fir Familljen, déi keng Plaz méi an enger Maison Relais oder Crèche fannen, mussen d'Gemeng, **d'finanziell Subventioun vun der Kannerbetreiung** assuréieren. Dëst reit sech als finanziell Stäip, nieft d'Nationalfuerderung no Familljendarlehen an, no där jonk Familljen no der Gebuert vun hire Kanner vun zëns-gënschteg Kreditter beim Bankwiese profitéieren. Och fir avantgardistesche Familljekoppelen mat Kanner, sollen déi selwecht Rechter a Konditioune gëlteg sinn.

- ✚ Wichtig ass, datt d'Kanner **d'Vermëttlung vu Wäerter, Ethik a Moral** op hirem Liewenswee léieren. Och hei soll d'Gemeng an d'Schoul, d'Léierpädagogik a Léierstoff, geméis dem Fokus op de positive Mënsch gestalten. Integritéit, Respekt, Solidaritéit, Humanismus an d'Fërderung vun de gudden Charaktereigenschaften, sinn eng wichteg Viraussetzung fir eng gesond Gesellschaft an d'Léisung géint d'Diskriminéierung an all senger Formen.
- ✚ Fir **d'Inklusioun vu Kanner mat spezifesch-pädagogeschem Besoin** soll d'Gemeng Récksproch mat den Elteren huelen, wéi d'Integratioun vun de Kanner an d'Schoulwiesen oder d'Betreiung vun der Gemeng beschtens organiséiert ka ginn. Hei muss d'Gemeng och op staatlech Hëllef zielen kënnen, fir datt d'Orientéierung an d'Betreiung vun behënnerte Kanner, oder Kanner mat spezifesch Besoinen, beschtens ass. Hei sollen extra Programmer fir Concernéierter, hinnen eng Stäip am Alldag sinn an d'Liewen sou einfach, agreabel a gerecht maachen, wéi méiglech. Heizou zielt och déi konsequent Liewensgestaltung vun der Gemeng a Richtung vu behënnertegerechter Moderniséierung.
- ✚ De **Prinzip vun der Altersversuergung** steet och am Mëttelpunkt vu gemengepoliteschem Wierken. Mir sinn iwwerzeugt, datt d'Virsuerg an d'Ënnerstëtzung vun eisen eelere Generatiounen a kranke Matbierger, muss eng optimal Betreiung verséichert sinn. Besonnesch am medezineschen Beräich muss ee Service an Encadrement gi sinn, dee Professionalitéit an Altersgerechtegkeet refletéiert.

Musek, Sport, Fräizäit

- ✚ Fir alles wat **d'Gestaltung vun der Fräizäitaktivitéit** ugeet, wéi de Sport, d'Musek, d'Konscht ...bref d'Veräinsengagement, sou soll d'Gemeng déi néideg Infrastrukturen a finanziell oder materiell Moyenen zur Verfügung stellen an hir Hand zur Hëllef reechen, fir datt d'Gemeng attraktiv ass, a beliebt bleibt. Hei sollen déi Jonk iwwert d'Veräiner, d'Jugendhaiser, d'Jugend- a Kanner gemengeréit, awer och duerch d'Mathëllef vun de jeeweilege Gemengekommissiounen, Iddien a Proposen an d'Liewe ruffen, déi dem Gemengerot erlaben, iwwert d'Gestaltung vun der Gemeng ze deliberéieren. D'Gemeng hirersäits, soll de Veräiner e Service géigeleeschten, deen hinnen d'Demarchen, d'Verwalten an d'Informatioun punkto Asbl'en (*Veräiner ouni Gewënnzweck*) garantéiert.

- ✎ Déi Konservativ trieden och fir d'Schafung vun **ëffentleche "Bicherschief"** an. Wéi et se schonns op munche Plaze gëtt, sou sollen dës Bicherschief nom Prinzip funktionnéieren, datt e Buchaustosch méiglech ass, woumat d'Partei d'Interessi un der Lektür ze fërdere gedenkt.

- ✎ Fir **d'Léift an de Respekt fir eis Déieren**, mä och fir d'Propretéit fir d'Gemengen, fuerderen déi Konservativ, nieft der Ofschafung vun der Hondstax, d'Aféierung vun enger Déiereschutzkommissioun an d'Installatioun vun Hondstoiletten an Hondswisen. Mir ruffe gären eng déierefrëndlech Gemengepolitik an d'Liewen.

- ✎ D'Veräiner müssen duerch **d'Schafung vun engem Veräinslager** d'Opportunitéit hunn, de Stockage vun hirem Veräinsmaterial an enger grousser, gemeinsamer Veräinshal vir ze huelen. Dës Infrastruktur soll alle registréierte Veräiner an der Gemeng zur Verfügung stoen an d'Gestioun vum Veräinsliewen erliichter.